

Kontakt & Aschreiwungen

www.youngcaritas.lu
formations.youngcaritas@cjf.lu
f youngcaritas.lu
@ youngcaritas.lu
Tél.: 36 74 68 - 1

Büroen

11-13, rue Geespelt
L-3378 Léiweng

BCEE LU95 0019 1000 2692 7000
Agréments gouvernementaux:
SECO RNAI FSE 201403/12
SECO RNAI AA 201403/13

Dir wëllt keng Broschüre méi geschéckt kréien?
Dann mellt Iech of bei: formations.youngcaritas@cjf.lu



youngcaritas
by Caritas Jeunes & Familles

Opbau vun der Formation Animateur



Umeldung:

www.youngcaritas.lu
formations.youngcaritas@cjf.lu

Animateur Brevet A

Dës Formation ass fir Fräizäitaktivitéiten ouni Iwwernuechtungen z.B. bei Spillnomëtteger geduecht. Du kanns awer och direkt de Brevet B maachen an domat souwuel Aktivitéiten ouni wéi och mat Iwwernuechtungen encadréieren.

Animateur Brevet B

Dëse Brevet riicht sech un all Jonker ab 16 Joer, wou sech an de Vakanzkolonië benevole engagéiere wëllen. Hei kritt een d'Méiglechkeet de soziale Beräich kennenzelieren, Verantwortung ze iwwerhuelen an natierlech Kanner & Jugendlechen eng flott Zäit ze erméiglechen.

Animateur Brevet C

Dëse Brevet ass d'Weiterféierung an d'Verdéiwung vum Brevet B fir den Aide-Animateur. Fir dëse Module kennen ze maachen muss een minimum 17 Joer hunn, a scho praktesch Erfarunge gesammelt hunn.

Animateur Brevet E

Den Animateur E riicht sech un erfueren Animatrices an Animateure wou wëllen Responsabel vun enger Kolonie ginn.

Animateur Brevet F

Den Animateur F ass fir erfueren Animatrices an Animateure wou hiert Wëssen an hier Erfarungen als Formateur wëllen weiderginn.



GËFF AKTIV och ouni Brevet!

Solidactive Spillmobil Däi Projet

Dir wëllt méi iwwer déi verschidde Beräicher gewuer ginn?
Besicht eisen Internetsite:
www.youngcaritas.lu
oder schreift eis eng E-Mail:
info.youngcaritas@cjf.lu

NEI!

youngcaritas trainings

Theme wéi Mënsche mat enger Beanträchtegung, Obdachlosegkeet an LGBTQIA+ interesséieren dech an du wëlls des duerch Experte während 1 Dag méi no bruecht kréien? Dann sinn eis youngcaritas trainings genau dat richtegt fir dech.

Manner Theorie, méi Praxis: besiche vun de Partner an Aktivitéite wéi Graffiti spraye stinn um Programm.

Méi Infoen op www.youngcaritas.lu am Agenda.

GRATIS

Partner 2025:



TRISOMIE21
Lëtzebuerg asbl

Bistrot social
« Le courage »

www.youngcaritas.lu

Formationen 2025 Entdeck däin Animateur

youngcaritas
by Caritas Jeunes & Familles

Animateur Brevet A

Vakanzaktivitéiten

Hei solls du:

- Op mannst 15 Joer hunn
- Keng Virkenntnisser néideg
- 2 Formatiounsweekender maachen
- Vakanzaktivitéiten mat gestalten

Präis:

75 €

Datum:

22-23.03.2025
29-30.03.2025

Du kriss am Brevet A eng Basisformatioun an der Animatioun, Betreuung a Begleedung vu Kanner. Des Formatioun ass fir den Encadrement vu Kanner während Vakanzaktivitéiten geduecht. Mam Brevet A kanns du also nëmmen Dagesaktivitéiten, ouni Iwwernuechtung betreiën.



Animateur Brevet B

Aide-Animateur

Hei solls du:

- Op mannst 16 Joer hunn
- 3 Formatiounsweekender maachen
- 1 Formatiounswoch maachen (6 Deeg)
- 1 Kolonie maachen (8 Deeg)

Präis:

200 €

10-12.01.2025 : Kolonie erliewen

Um éischte Weekend gëss du méi iwwert youngcaritas gewuer a kriss en Iwwerbléck iwwert d'Koloniesliewen an d'Animateurspflichten. De Programm ass wéi an enger richteger Kolonie. Dat geet vum Opstoen, iwwert d'lessen, Spillen, Ateliere plangen, Theater spillen, bis bei d'Schlofgoen.

08-09.02.2025 : Spillen an animéieren

En einfacht Spill an eng flott Aktivitéit ëmwandelen, dat ass net esou schwéier. Mir weisen dir, wéi et geet.

15-16.03.2025 : Plooschteren a Bloderen

Eischt Hëllef ass net nëmmen an der Kolonie wichteg. Dese Weekend ass e richtigen Éischt Hëllef Cours a geet och vu Formateure vum CGDIS gehalen. Dese Weekend ass ouni Iwwernuechtung

11-16.04.2025 : Formatiounswoch

Während der Formatiounswoch léiers du, wéi ee grouss Spiller preparéiert, organiséiert an duerchféiert. Wéi gëtt eng Owe-Animatioun ofgehale? Wourop muss een oppassen, wann ee Gruppenspieler an Aktivitéite fir Kanner oder Jugendlecher organiséiert? A villes méi.

Animateur Brevet C

Animateur

Hei solls du:

- Op mannst 17 Joer hunn
- De Brevet B vum Animateur hunn
- 3 Formatiounsweekender maachen
- 1 Formatiounswoch maachen (6 Deeg)
- 1 Kolonie maachen (8 Deeg)

Präis:

200 €

11-12.01.2025 : Kachen a Brachen

Mir benotzen all eis Fantasie fir zu engem bestëmmten Thema ze kachen. Sou maache mer z.B. bloe Schlumpfepudding mat Baart, probéiere verschidde Menüen aus, kucken zesummen op wat mer bei Allergien an Intoleranzen oppasse müssen a léiere gesond a gläichzäitig Kandgerecht ze kachen! D'Hygiëne an der Kiche begleet eis dobäi de ganze Weekend.

08-09.02.2025 : Theaterweekend

Mat Improtheater, Rollespiller a verkleeden um Programm, gëtt et op dësem Weekend sécher net langweilig. Wei kann en d'Kanner duerch en Theater begeeschteren? Wat brauch en u Material? Wei kann e Spiller an en Theater abauen? Zu all dësen an nach anere Froe kritt dir eng Äntwert.



07-09.03.2025 : Inklusiounsweekend

An Zesummenaarbecht mat engem Grupp vu Kanner a Jugendleche mat enger Beanträchtegung, gestallte mir e spannenden a léierräiche Weekend. Dobäi wäert vill drëm goen, sech un di verschidde Bedierfnisser kennen unzepassen an d'Aktivitéiten dorobber kennen ofzestëmmen.

11-16.04.2025 : Formatiounswoch

Während der Formatiounswoch gi vill verschidden Aspekter vun der Kanner- a Jugendbetreuung duerchgeholl. Z.B. d'Besoin vu Kanner a Jugendlechen, Kommunikatioun, Gruppendynamik a villes méi wat engem op enger Kolonie weiderhëlleft.

Animateur Brevet E

Responsabel Kolonie

Hei solls du:

- Op mannst 18 Joer hunn
- De Brevet C vum Animateur hunn
- Vill Kolonieerfarunge gesammelt hunn

Datum:

25.01.2025

Als Responsabel vun enger Kolonie muss een d'Hauptverantwortung iwwert de ganze Grupp iwwerhuelen, de Programm koordinéieren, d'Moniteursequipe zesummestellen a leeden, de Budget verwalten a villes méi.

Fir d'Formatioun vum Brevet E gëtt just eng limitéiert Unzuel vun Animateuren zougelooss. Fir Responsabel ze ginn, muss du virdrun iwwert e puer Joer Kolonieerfarunge gesammelt hunn.

Animateur Brevet F

Formateur

Hei solls du:

- Op mannst 18 Joer hunn
- De Brevet C vum Animateur hunn
- Vill Kolonieerfarunge gesammelt hunn

Dese Weekend gëtt vum SNJ ugebueden!

Du wëlls däi Wëssen an deng Erfahrung un nei Animatrice an Animateure weiderginn?

Fir d'Formatioun vum Brevet F gi just eng limitéiert Unzuel vun Animateuren zougelooss, déi scho vill Kolonieerfarunge gesammelt hunn. Fir dese Brevet muss du un engem offizielle Formatiounsdag beim SNJ deel huelen a bei youngcaritas als Co-Formateur oder Formatrice eng Formatioun mat ausschaffen an ofhalen. De Programm gëtt individuell zesummegeallt.

